



### Mérite Jeunesse

Ee Programm fir all Jonken zu Lëtzebuerg.

Beim Mérite Jeunesse ka jidderee matmaachen deen tëschent 14-24 Joer al ass a Loscht huet sech innerhalb vun engem flexibele Programm sech seng perséinlechen Ziler ze setzen an déi a sengem eegene Rhythmus ze errechen.

D'Fondatioun Mérite Jeunesse Lëtzebuerg gehéiert zur weltwäit unerkannten Organisatioun The Duke of Edinburgh's International Award déi an iwwer 130 Länner aktiv ass.

### Mérite Jeunesse Lëtzebuerg

Énnert dem Haut Patronage vum Ierfgroussherzog

Fondation Établie en 1993 – Reconnue d'Utilité Publique – LBR G19  
e-mail : [merite@youth.lu](mailto:merite@youth.lu)  
[www.merite-jeunesse.lu](http://www.merite-jeunesse.lu)  
[www.intaward.org](http://www.intaward.org)



# FIND YOUR PASSION, PURPOSE AND PLACE IN THE WORLD

[www.merite-jeunesse.lu](http://www.merite-jeunesse.lu)

Proud to be



## MAACH MAT! MIR ËNNERSTËTZEN DECH!

Engagéier dech a 4 verschiddene Beräicher an entdeck wat an dir stécht andeems de souwuel deng Fäegkeeten verbessers, Neies ausprobéiers, wéi och dech fir däi soziaalt Ëmfeld engagéiers.

Entscheet du selwer wéi däi Programm soll ausgesinn.

Wann du dech wëlls umellen fënns du op eiseim Internetsite weider Informatiounen wou et de Mérite Jeunesse iwwerall gëtt (Lycéeën, Internater, Jugendorganisations...). Et ass ëmmer een Tuteur fir dech do, deen dech duerch däi Parcours begleet!

## ECH WËLL MÄI MÉRITE, WAT MUSS ECH MAACHEN?

All Niveau huet 4 Beräicher an deenen een aktiv muss ginn:



### BENEVOLAT

Engagéier dech an der Gesellschaft.



### TALENT

Erweider deng Kompetenzen, z.B. an der Konscht, Musek, Wëssenschaft, soziale Medien,...



### SPORT

Maach eppes fir deng Gesondheet



### EXPEDITIOUN

Abenteuer an der Natur, egal op zu Fouss, mam Vélo, mam Kajak,...



### um Niveau Gold PROJÉT RÉSIDÉNTIEL GOLD

Erlief d'Gruppendynamik déi entsteet wann een zesummen ee Projet realiséiert.

Et ginn 3 verschiddenen Niveauen déi s du kanns maachen:

### Bronze

Ab 14 Joer a Minimum, während 6 Méint aktiv sinn

### Sëlwer

Ab 15 Joer a Minimum, während 12 Méint aktiv sinn

### Gold

Ab 16 Joer a Minimum, während 18 Méint aktiv sinn

Et geet drëm an alle 4 Beräicher weiderzekommen an dat Schrëtt fir Schrëtt. Du brauchst net alles gläichzäiteg ze maachen. Et ass Ausdauer gefrot an du selwer décidéiers iwwer deng Aktivitéiten a wéi deng Zieler ausgesinn.

Et lount sech beim Mérite aktiv ze ginn. Engagéier dech a maach eppes fir deng Zukunft:

- du erliefst vill flott Momenter
- du begëinst nei Leit
- du entdeckst nei Aktivitéiten an Talenter déi an dir stiechen
- du kriss een Zertifikat als Unerkennung wanns du däi Programm ofgeschloss hues
- du engagéiers dech an enger parascolairen Aktivitéit déi dir an dengem CV a fir d'Liewen eppes bréngt!